N°1564
Entrée le 29.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro 1564 vum 21. November 2024 vun der honorabeler Députéierten Djuna Bernard an vum honorabelen Députéierten Meris Sehovic zum Sunjet Aarbechtsklima an der Gemeng Contern.**

Den 12. November huet am Ministère eng Entrevue tëscht dem Schäfferot vun der Gemeng Contern an enger Delegatioun vum OGBL a Präsenz vu Vertrieder vum Inneministère stattfonnt. Bei der Entrevue hu béid Parteien hir Bereetschaft zum Ausdrock bruecht den aktuelle Litige am Interêt esouwuel vun der Aarbecht am Déngscht vun de Bierger ewéi och dem Gemengepersonal bäizeleeën.

An deem Zesummenhang gouf deenen zwou Parteien vun de Servicer vum Ministère eng extern Mediatioun virgeschloen.

D'Gemengegesetz gëtt dem Inneminister eng Rëtsch Kompetenze fir d'Gestioun vun de Gemengenaffairen duerch déi verschidde Gemengenautoritéiten ze surveilléieren. Dës Kompetenzen als Kontrollorgan erlaben et dem Inneminister an dësem konkrete Fall net als Mediateur tëscht de Gemengenautoritéiten an hirem Personal z'intervenéieren.

Lëtzebuerg, den 29. November 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden